

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. 4937 - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale pour la répression des attentats terroristes à l'explosif, adoptée par l'Assemblée Générale des Nations Unies, le 15 décembre 1997
(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi)
3. 5143A - Projet de loi portant modification de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998
(Rapport de la Commission spéciale „Plan d'action national en faveur de l'emploi" - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
4. 4937 - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale pour la répression des attentats terroristes à l'explosif, adoptée par l'Assemblée Générale des Nations Unies, le 15 décembre 1997 (suite)
(Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouve: M. François Biltgen, Ministre.
(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.
Den Här Wiseler freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Claude Wiseler (CSV).- Merci, Här President. Ech hu just fir ganz kuerz hei eng
- Proposition de loi 5261 instituant un service bancaire de base
bei lech ze déposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vun dem Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Claude Wiseler a si gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun an un de Conseil d'État.
Mir fänken de Moien u mat der Diskussioun vum Projet de loi 4937, eng Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Terrorismus. Et si schonn agedroen déi Häre Fayot, Rippinger a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nico Loes.

2. 4937 - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale pour la répression des attentats terroristes à l'explosif, adoptée par l'Assemblée Générale des Nations Unies, le 15 décembre 1997

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mäi mëndleche Rapport mam Avis vum Statsrot ufänken, deem d'Approbatioun vun dëser Konventioun, iwwert déi mir elo am Kader vun dësem Projet diskutéieren, als Ausdrock vun enger neier Etapp bei der Ausaarbechtung vun engem internationalen Droit géint den Terrorismus ugesäit. Deem kann ech nëmmen zoustëmmen, well mir haut um Ufank vum 21. Jorhonnert feststellen, datt den Terrorismus déi gréisste Menace an der Welt ass an zwar, datt mer onbedéngt eppes mussen ënnerhuelen, fir dergéint ze wierken.

Den 11. September 2001 huet eis dat op eng grausam Aart a Weis

kloergemaach. Mä och scho vir-drun huet den Terrorismus grouss Deeler vun der weltpolitescher Aktualitéit ageholl an dominéiert. Nairobi an Daressalam ware Virleefen, Bali an Istanbul d'Fortsetzung vun engem Zermürbungskrich, dee sech un déi ziviliséiert Welt adreséiert.

Mat grousser Ohnmacht gi mer allwöchentlech Zeie vu bluddegen Attentater an der Welt, déi vun enger klenger Minoritéit begaange gëtt an déi förmlech Kaz a Maus mat de politesche Verantwortleche spillt. Dorobber musse mer Äntwerter fannen. Et ass gewosst, datt de Kampf géint den internationalen Terrorismus en Effort ass, deen e laangen Otem brauch. Nëmme wa mir all zesumme sinn, kann et zu engem dauerhaften Erfolleg géint den internationalen Terrorismus kommen. Fir dësem Terrorismus bäizekommen bedarf et enger Rei vun internationale juristeschen Ofkommen, déi an de groussen internationale Gremien ausgeschafft ginn.

Um Sommet vu Sharm-el-Sheikh am März 1996 ass sech déi international Politik doriwwer eens ginn, fir déi international Zesummenaarbecht am Beräich vun der Terrorismusbekämpfung ze verstärken a Moossnamen an d'Wee ze leeden, déi souwuel um preventiven, wéi och um repressiven Plang hir Wierkung weisen, jo weise mussen.

D'Konventioun vun där mer haut schwätze vun de Vereenten Natiounen fir d'Repressioun vun Terrorismusattacke mat Sprengstoff, ass de 15. Dezember 1997 vun der UNO-Vollversammlung ugeholl ginn an den 12. Januar 1998 zur Ënnerschrëft virgeluecht ginn. Dës Konventioun, déi de 6. Februar 1998 vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen ginn ass, huet zwee Voleten.

Zum engen huet si e preventive Charakter, dee sech duerch eng verbessert international Kooperatioun beim Austausch vun Informatiounen an duerch eng verbessert Zesummenaarbecht am Beräich vun den Erkenntnisser vun de Sprengstoffattentater auszeechent.

Zum aneren huet si e repressive Charakter, dee sech an dräi Elementer opspléckt. Éischstens stellt si terroristesch Akten a Strofen an invitéiert d'Stategemeinschaft dës no hirer Gravitéit an deenen eenzelne Länner ze bestrofen.

Zweetens mussen all Staaten den UNO-Generalsekretär iwwert déi getraffe Rechtsmoossnamen informéieren.

An drëttens bestëmmt d'Konventioun d'Obligatiounen fir déi eenzel

Staten, déi mussen am Kader vun der juristescher Zesummenaarbecht an um Niveau vun der Ausliwwerung erfëllt ginn. Dëse leschte Punkt beinhalt als éischt Element déi legislativ Approbatioun vun dëser Konventioun. Als zweete Punkt soll am Code pénal en Artikel 135-1 «visant à réprimer les atteintes à l'intégrité des personnes », esou wéi den Artikel 135-2 « ayant pour objet de sanctionner les atteintes aux biens » integréiert ginn. An als drëtte Punkt soll den Artikel 7.4 vum Code d'instruction criminelle geännert ginn, dee sech op déi international Kompetenz vun de Lëtzebuerger Juridiktiounen, esou wéi op d'Uwendung vum Lëtzebuerger Strofgesetz bezieht.

De Statsrot huet awer a sengem Avis d'Noutwendegkeet vun enger Uppassung vum Code pénal net gesinn, well d'Infraktiounen zum engen deelweis d'Strooss net halen a well zum aneren d'Ëmsetzung vun de Sanktiounen riskéiert delikat ze ginn. Deemno huet déi héich Kierperschaft virgeschloen fir den Artikel 2 iwwert de Code pénal aus dem Projet erauszehuelen, grad wéi och den Artikel 3 iwwert de Code d'instruction criminelle. Den Inhalt vun dësen zwee Artikelen ass méttlerweile am Gesetz iwwert d'Repressioun vum Terrorismus a sengem Finanzement integréiert ginn.

Deemno besteet dee virleiende Gesetzesprojet just nach aus engem Artikel, deen och weider keng Observatioun vum Statsrot ervirgeruff huet.

Ech wollt nach just bemerken, datt dëse Projet den 28. März 2002 vun der Madame Ausseministesche Lydie Polfer an der Chamber depnéiert ginn ass. Den Avis vum Statsrot ass den 21. Dezember 2002 agaangen. An der Kommissiounssitzung vum 26. September 2002 war mäi Fraktiounskolleeg Willy Bourg als Rapporteur designéiert ginn. No sengem Doud huet d'Kommissioun mech als Rapporteur bestëmmt an domat hunn ech lech dann och elo dee Rapport gemaach, mat deem ech beoptraagt gi sinn.

An der Sëtzung vum 8. Dezember dëst Joer ass de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert ginn an de schrëftleche Rapport ass och ugeholl ginn. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deemno géif ech d'Chamber bidden dëse Projet ze stëmmen a mat dem Accord vu menger Fraktioun soen ech lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, selbstverständlech ass d'Approbatioun vun dëser Konventioun éischer eng Pflichtübung, där mer ons ënnerwerfen, wéi dass et elo en Zeechen ass vum Opbroch am Kampf géint den Terrorismus. Ech erënnere drun, dass dës Konventioun aus dem Joer 1997 staamt an an der Tëschenzäit si jo munch Saachen an der internationaler Geschicht geschitt.

Den 11. September 2001 huet natierlech d'Sensibilitéit vun de Länner allegueren weider erhéicht fir de Kampf géint den Terrorismus. Wéi den Här Loes a sengem excellenten mëndlechen a schrëftlechen Bericht gesot huet, ass dës Konventioun geduecht fir engersäits preventiv an och repressiv anzegräifen. Natierlech handelt et sech ëm eng Konventioun vun der UNO an d'UNO ass nun emol eng international Organisatioun, déi op reng intergouvernementaler Kooperatioun berout, esou dass et fir den

Abléck och ganz schwéier ass erauszefanne wat dann déi Konventioun bis elo bruecht huet.

Wann ee kuckt, dass dat esou laang dauert bis esou Texter ëmgesat ginn, da muss ee sech natierlech berechtegt Froe stellen iwwert d'Effikassitéit. Ech wollt awer an dësem Zesummenhank drun erënnere, dass um Plang vun der Europäescher Unioun och eng ganz Partie Mesuren am drëtte Piler am Kampf géint den internationalen Terrorismus geholl gi sinn.

An déi wesentlech Auswierkung vun den Attentater vum 11. September 2001 ass natierlech dee Mandat d'arrêt européen, dee jo am Dezember 2001 politesch ugeholl ginn ass an dee mer och fir d'Ëmsetzung virun der Chamber leien hunn. Dee Mandat d'arrêt européen hätt missen iwwregens vun der Chamber bis den 31. Dezember 2003 ëmgesat ginn. Ech weess, dass dee Mandat d'arrêt an der Commission juridique läit.

Ech mengen och, dass et net oninteressant wier wann dës Chamber sech emol eng Kéier géif intensiv mat dem Problem vun dem Kampf géint den Terrorismus befaassen. Well et gëtt do zwee Aspekter. Et gëtt natierlech den Aspekt Preventioun, Repressioun. Mir hunn och Instrumenter wéi de Système informatique Schengen, fir Terroristen international ze sichen. Mä op där anerer Säit gëtt et natierlech och Froe vu Protektioun vun de Mënscherechter. Déi mussen an engem Gläichgewicht gehale ginn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir Dammen an Dir Hären, zu dësem Projet ass aus eiser Siicht net méi ze soen wéi dat, wat den Här Loes gesot huet, deem mir villmools merci soen fir säi gudde Rapport. Ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, ech mengen den internationalen Terrorismus ass eppes, wat eis muss beschäftigen, och wa Lëtzebuerg bis elo d'Chance hat viru gréisseren Uschläi verschount ze bleiwen. Mir gesinn, datt trotz allen Ustrengungen, déi bis elo um internationale Plang gemaach si ginn, d'Unzuel an och d'Heftegkeet vun deenen Attacken net zrëckgaangen sinn. Dofir droe mir selbstverständlech dës Konventioun mat.

Ech wëll awer bei dëser Geleeenheet betounen, datt et ganz sécher net duergeet, de Kolleeg Ben Fayot huet drop higewisen, an datt et schwéier ass den Erfolleg vun esou Konventiounen wéi där heiter ze moossen.

Mä et ass absolut noutwendeg, datt d'Weltgemeinschaft sech eng Strategie de prévention och gëtt. Ech mengen elo net an deem Sënn, datt ee probéiert weltwäit Fahndungsnetzer preventiv opzebauen, mä datt een effektiv dem Terrorismus laangfristeg probéiert seng Grondlag ze entzéien, do-duerch datt een duerch eng weltwäit koordinéiert wierksam Entwécklungspolitik probéiert an deene Géigenden, wou den Terrorismus wiisst op enger Basis vun Hoffnungslosegkeet a Perspektivlosegkeet, do dem Terrorismus seng Grondlagen ze entzéien.

Ech mengen ëmmer, wann een déi zwee Méttelen gläichzäiteg an ausgewogen asetzt, wäert d'Bekämpfung vum Terrorismus laangfristeg zum Erfolleg féieren. Dat gesot, wëll ech awer selbstverständlech hei soen, dass eis Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, déi Gréng wäerten net fir dëse Projet stëmmen. Mir wäerten eis enthalten, an zwar aus zwee Grënn - ech géif souguer aus dräi Grënn soen. Deen éischten, datt ass deen, well dee Projet hei an dat Gesetz, wat mir scho virun e puer Méint hei gestëmmt hunn, sech areien an eng repressiv Logik, an eng fatal Logik eiser Meinung no, déi drop erausleef, datt op internationalem Plang gemengt gëtt, et kënnt een deem schlëmmen Problem vum Terrorismus nokommen andeem een do higeet a wierklech op d'Repressioun setzt, op d'Aschränkung vun de Biergerrechter setzt, op d'Aschränkung vun de Mënscherechter setzt.

Mir sinn an enger Dynamik do dran, déi eiser Meinung no dee falsche Wee ass. Sécherlech brauch een och repressiv Instrumenter fir am direkte Sënn den Terrorismus ze bekämpfen, mä de Moment si mir amgaangen eis um internationale Plang ausschliesslech op de Wee ze beginn, an dat ass de Grond firwat mir déi Gesetzer do net kënne matdroen. Och net dat heiten. Mir wäerten eis enthalte bei deem heite Projet.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt een den Terrorismus bekämpft virun allem op deem Gebitt, deen den Här Mehlen elo um Schluss ugeschnidden huet, nämlech andeem een déi wierklech Ursachen dovunner bekämpft, éischstens. Zweetens sinn ech der Iwwerzeegung, och wéi den Här Fayot dat hei virdrun zum Ausdrock bruecht huet, datt et noutwendeg wär, ier mir weiderfueren op deem dote Gebitt esou ze légiféréieren an an där Vitesse ze légiféréieren wéi mir dat maachen, datt mir eis mol eng Kéier genauestens doriwwer ënnerhalen, wat fir eng Konsequenzen dat huet fir d'Biergerrechter an den Demokratien an der Welt, an Europa oder soss doriwwer eraus. Esou laang wéi dat awer net geschitt ass, si mir der Iwwerzeegung, datt een am Moment mol soll éischer méi virsiichteg trëppelen an datt mir eng ganz Rei Instrumenter souwisou hunn, och repressiver Natur, déi eigentlech duergo fir deem Phenomeen nozekommen.

Ech bezweiwelen doriwwer eraus och, datt déi Instrumenter, déi mir eis amgaange si weider ze ginn, eppes Wesentlech am Kampf géint den Terrorismus als solches änneren. Ech gleewen éischer drun, datt se dozou féiere wäerten - an do hu mir och scho genuch Beleger duerfir, haaptsächlech aus de Vereenegte Staaten -, datt se zu Excès féieren an den Demokratiën selwer an datt déi Gesetzer oft ugewant gi géint Leit, déi eigentlech mam Terrorismus iwwerhaapt näischt ze dinn hunn.

Aus all deene Grënn, Här President, - de Rescht vun Erklärungen an deem dote Kontext hu mir scho gi wéi mir iwwert dat ominéist Gesetz vum Grousterrorismus déi Zäit diskutéiert hunn - wäerte mir eis enthalte bei dësem Gesetz.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen herno driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5143A iwwert de Plan d'action national en faveur de l'emploi. D'Riedezäit ass nun Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Lux, Graas, Jaerling an d'Madame Reuter. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Glesener.